LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

# DIPLOM+

## E PLUS U KOMPETENZ






## ENG FORMATIOUN NOM LYCÉE

**Du hues en Diplôme de fin d'études secondaires, de technicien oder en equivalenten Diplom.**

An elo ...

- Bass du op der Sich no denger **éischter Aarbecht**?
- Géings du gär op d'**Uni goen**, mee du bass nach net ageschriwwen?
- Hues du nach keng **Projete fir déi nächst Méint**?

## VERBESSER DENG CHANCEN!

**Profitéier vun däser Iwwergangsphas, fir follgend Fäegkeete weiderzeentwéckelen:**

- **transversal Kompetenzen**, déi staark um Aarbechtsmaart gesicht ginn;
- **Soft Skills**, déi op d'Uni virbereeden;
- **Knowhow** fir den Alldag.


**Méi Informatiounen op**
**diplomplus.lu**

# DIPLOM+: ENG FORMATIOUN FIR DENG ZUKUNFT

Den Diplom+ ass eng innovativ Formatioun iwwer **dräi Trimester**, déi sech denge Besoinen upasst. Se bitt dir e Maximum u Flexibilitéit, fir dass du weider kanns no enger Aarbecht sichen oder dech Richtung Uni orientéieren a gläichzäiteg deng Kompetenzen ausbaue kanns.

**Firwat den Diplom+?**

- **Modülle** vu 16 bis 40 Stonnen, déi onofhängeg vunenee sinn
- **25 Stonnen** d'Woch an der Moyenne
- e **Certificat** fir all **gepackte** Modüll
- en **Encadrement** vu gudder Qualitéit
- eng **flexibel Formatiounsdauer** (d'Ofmellen ass all Moment méiglech)
- Coursen a **4 Sproochen**: Lëtzebuergesch, Franséisch, Däitsch an Englesch
- **8 gemeinsam** Modüllen
- **1 Pack** zur Auswiel: **Artisanat** (Kachen, Bitzen, Schräinerei), **Design IT** (Web Design, Graphic Design, Design & 3D Printing) oder **Informatik** (Coding, Data Analysis, Learning Strategies)
- **e Praxisprojet** fir déng nei gewonne Kompetenzen unzewenden




## PRAKTESCH INFORMATIOUNEN



Schreif dech a bis den **1. Oktober 2024** op **diplomplus.lu**.

**Datumer:**

- 1. Trimester: vum 7. Oktober bis den 22. Dezember 2024
- 2. Trimester: vum 6. Januar bis den 31. Mäerz 2025
- 3. Trimester: vum 1. Abrëll bis den 11. Juli 2025

**Lokalitéite vun der Formatioun:** Esch-Uelzecht (Belval), Déifferdeng a Waarken